OGB·L

— D'GEWERKSCHAFT

# Ried vum Nora Back, Präsidentin vum OGBL

*am Parc Hotel Alvisse*
*den 3. Dezember 2024*

---

*Et gëllt dat geschwatent Wuert*

---

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech kucken an de Raum hei an ech si begeeschtert. Ech gesi vill Leit, vill nei Gesiichter a vill jorelaang engagéiert Personaldelegéiert, an dofir soen ech iech am Numm vum OGBL a vum LCGB all villmools Merci fir är Präsenz.

Dir sidd Männer a Fraen aus alle Secteuren, aus all méigleche Betriber hei am Land, klengen a grousse Betriber, Betriber mat oder ouni Kollektivvertrag, mat sektoriellen oder betribleche Kollektivverträg, ganz staark Kollektivverträg oder engem den ëmmer rëm muss bis op d'äusserst verteidegt ginn.

Dir sidd Militantinnen a Militanten déi alleguer besser wëssen wéi wichteg et ass e gudden a staarken Kollektivvertrag ze hunn wéi eise Lëtzebuerger Aarbechtsminister.

Déi allegueroffensichtlech besser wëssen wéi eisen Aarbechtsminister a seng Kolleegen Patronen datt et Kollektivverträg sinn déi eis, eis sozial Rou hei zu Lëtzebuerg garantéieren.

Déi alleguer besser wëssen wéi wäertvoll gutt Kollektivverträg sinn, déi vun de Gewerkschaften verhandelt an ënnerschriwwen ginn.

An dat ass schappeg fir eng Regierung, Kolleeginnen a Kolleegen.

Dat ass net just en ideologescht Gedankegutt vun eisem CEO a senge Regierungskolleegen datt op der Säit vum Kapital sëtzt.

Nee, dat ass doriwwer eraus och nach en Ausdrock vun Onwëssenheet vis-à-vis vun der sozialer Geschicht vun eisem Land. En Trauerspill.

An duerfir sti mir haut hei.

Léif Regierung, mir sinn haut hei fir iech ze warnen, datt mir mat aller Konsequenz a mat all eise Moyen'en dat verteidege wat Generatioune vu Gewerkschaftler erkämpft an ofgeséchert hunn. Hinne wäerte mir trei bleiwen.

Fir ze fuerderen datt et méi Kollektivverträg ginn an net manner. An zwar Kollektivverträg mat Inhalt. Fir eis Verhandlungsrechter ze verteidegen.

Mä och well mir eis Regierung anscheinend mussen drun erënneren wat eist Land ausmécht.

An dat hei, Kolleeginnen a Kolleegen, ass just den éischte Schratt.

- Well zesumme mat der eesäiteger Decisioun vum Minister d'Leit an de Butteker och Sonndes de ganzen Dag schaffen ze doen,

- zesumme mat bevirstoen Grujelegkeeten op den Aarbechtszäiten a Verspriechen un d'Patronen déi Work-Life Balance elo nei ze definéieren, an zwar méi Work a manner Life

- zesumme mat enger katastrophaler Politik vis-à-vis vun den iwwer 200.000 Grenzgänger déi all Dag eist Land beräichere kommen

- zesumme mat enger scheinbar plangloser Gesondheetspolitik, wou d'Leit déi krank sinn gejot ginn an aplaz duerfir ze suergen datt jiddereen sech et ka leeschten gutt versuergt ze ginn,

- zesumme mat enger Léisung fir d'Logementskris déi just dorannerbesteet den décke Promoteure mat de gëllenen Aueren nach Suen ze verdeelen

- a Last but not least, Kolleeginnen a Kolleegen, zesumme mat der skandaléiser an ondemokratescher Diskussioun ronderëm eis Pensiounen

wësse mir, eise Widderstand hält net hei am Sall op. E geet eréischt un. An e wäert wäit goen.

Well Kolleeginnen a Kolleegen,

Mir sinn an engem Punkt vun der Geschicht ukomm wou et em alles geet.

Den Historiker Denis Scuto sot de Mueren um Radio: mir mussen eis wiere géint der Regierung hir onsozial Projeten. Well et geet carrément em d'Iwwerliewe vun der Lëtzebuerger Demokratie als solidaresche Projet.

Kolleeginnena Kolleegen,

Dës Regierung schwätzt vill vum Respekt, weist awer keen.

Si léisst keng Geleeënheet aus de Leit d'Märchen ze verzielen, datt d'Gewerkschaften veraalt wieren, datt mir manner Memberen hätten, datt mir d'Leit net vertriede géifen, datt mir näischt verstanen hätten.

A si rifft eis elo zum Respekt op?!

Souwisou si Politiker aus engem Land wou d'Hallschent vun der Bevëlkerung kee Walrecht huet, gutt beroden net ze vill vu Repräsentativitéit ze schwätzen.

Dës Regierung schwätzt vill vum Sozialdialog. Mécht awer keen.

Si versichen eis aus allen offizielle Gremien erauszekréien.

Sozialdialog mat de Sozialpartner, mat deenen déi eng gewielte Legitimitéit hunn, mat deenen déi de Lëtzebuerger Modell opgebaut hunn an ausmaachen, mat de Forces vives de la nation, dee geet anescht.

Mir stéieren, si wëllen eis aus dem Wee. Net mat eis Kolleeginnen a Kolleegen!

Dës Regierung ass ugetruede fir d'Gewerkschafte platt ze maachen.

A mir trieden haut hei un fir hinnen ze weisen datt hinnen dat net wäert geléngen.

D'Regierung seet elo a sengem Bilan zu 1 Joer Amtszäit vu sech selwer si hätten neie Schwong erabruecht.

Wann ech de Sall hei kucken, Kolleeginnen a Kolleegen, da stellen ech fest datt si just neie Schwong an eis gewerkschaftlech Zesummenaarbecht bruecht hunn.

Zesummen als déi zwou gréisst Gewerkschaften am Land, OGBL an LCGB, gebündelt mat eisen iwwer 125.000 Memberen, eisen 10-dausenden Militanten, mat all eiser geballter Kraaft, si mer sou staark wéi nach ni.

A mir wäerte gesinn wien hei wien platt mécht.

Dat hei ass net just eng gemeinsam Aktioun, dat hei ass eng Gewerkschaftsfront déi d'Regierung net gebrach kritt.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Et ass elo 20 Joer hier, jo dir hutt gutt héieren, 20 Joer, dass eist Kollektivvertragsgesetz fir d'lescht ugepasst ginn ass.

Zënterméi wéi 2 Joerzéngten ass näischt passéiert um Gesetz wärend d'Betribswelt sech rasant entwéckelt huet.

Déi politesch Passivitéit vu Regierung a Gesetzgeber, ass Schold drun, dass een ëmmer méi groussen Undeel vu Betriber an domat een ëmmer mi groussen Undeel vu Salariéen hei am Land kee Kollektivvertrag huet.

Dës Passivitéit huet an d'Kaarte vum Patronat a vun den Aktionäre gespillt.

Ëmsou méi schlëmm wann ee weess dass op dem europäesche Plang op dës Feelentwécklung geäntwert ginn ass, mat enger EU-Direktive.

A woubleift eis Regierung? A wou bleift eisen Aarbechtsminister?

Si maachen wéi wann si net mi an Europa géife liewen.

Si ignoréieren net nëmmen den Inhalt an d'Ausriichtung vun der Direktive.

Nach méi schlëmm! Si pervertéieren dat Ganzt an de Géigendeel!

D'demokratescht Recht op d'Vertragsfräiheet a Verhandlungsfäegkeet vun de Gewerkschaften soll an den Eck gedréckt ginn.

Anstatt d'Kollektivvertragsgesetz ze verbesseren, wëlle si et nach méi verschlechteren an nach méi aushielegen!

Si verstümmelen d'Definitioun vun der kollektiver Verhandlung.

Si pervertéieren d'Definitioun vum Sozialdialog.

Definitiounen di um internationale Plang kloer sinn, just anscheinend net méi hei zu Lëtzebuerg.

Mir brauche méi Kollektivverträg. Dat soen d'Gewerkschaften elo scho puer Joer. Dat seet och den europäesche Gewerkschaftsbond. Dat seet souguer d'OECD déi jo éischter als méi patronatsno bekannt ass. An dat seet eis elo och nach eng europäesch Direktive déi eis beoptraagt vu 50% Taux de couverture am Land op 80% erop ze goen.

A mir hunn vill gutt Iddien wéi mir dohi kommen.

Deen deen awer keng gutt Iddi huet wéi mer dohi kommen … an dir hutt et schonns erroden …ass eisen Aarbechtsminister. Deen huet nämlech eng nei Definitioun fir de Kollektivvertrag erfonnt: de Kollektivvertrag ouni Gewerkschaft!

Ma Bravo. Den Nirwana fir d’Patronat. D’Patronat dat mat sech selwer ee Vertragverhandelt.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech kann net soen dat ass du Jamais vu, well et ass den heemleche Wonsch vun de Patronen zënter éiweg.

Mee et ass du Jamais vu datt se der Regierung hire Feu vert kréien an hiren Attacken op d’Léin.

Dat gëtt et wierklech just an enger Welt wou de Präsident vun der Chambre de Commerce op eemol Premierminister ass.

Well et ass näischt anescht wéi méi schlecht Léin a méi schlecht Aarbechtsbedingungen wat hei dobäi eraus kënnt. Wat dobäi erauskënnt wann e Patron eleng mat senge Lounofhängegen e Kollektivvertrag ausmécht.

Eng Gewerkschaft kann een net entloossen. D’Gewerkschaften hunn déi néideg Onofhängegkeet.

A virun allem, Kolleeginnen a Kolleegen, Gewerkschaften, dat si jo d’Leit.

An der Kollektivvertragsverhandlung ass d’Gewerkschaft d’Stëmm vun de Leit aus dem Betrib.

A mir suergen duerfir datt an de Kollektivverträg dat verhandelt gëtt wat d'Salariéen an dem Betrib fuerderen.

Mir hunn duerfir och déi néideg Expertise, déi néideg Juristen, a virun allem och dat néidegt Kräfteverhältnis fir ze streiden fir e gudde Kollektivvertrag wann et muss sinn.

Isoléiert Salariéen hunn dat net. Isoléiert Delegéierten hunn dat och net.

Well mir wëssen all hei bannen, anscheinend och besser wéi den Aarbechtsminister, wien déisou genannten „neutral“ Delegéiert sinn.

Et sinn der un aller éischter Stell mol vill vill manner wéi den Här Mischo an der Här Frieden gären an den Interviewen zielen fir eis erofzemaachen.

Mat falschen Zuelen gëtt hei argumentéiert fir d’Gewerkschaften rofzemaachen.

Duerch eng Question parlementaire ass dat jo lo gottseidank riichtgebéit ginn. Et sinn net 66% vun de Salariéen déi eng sougenannten neutral Delegatioun hunn, mee mol keng 35%.

An dat sinn och nach zu engem groussen Deel Patronsdelegéierte. Déi vum Patron dobäigesat sinn an elo och nach vum Patron solle gesot kréien wéi hire Kollektivvertrag ausgesäit.

Mengt dir déi setzen sech an fir besser Léin? Mengt dir déi streide fir méi Congé? Mengt der déi streiken fir hire Kollektivvertrag ? Nee, dat dierfen se mol net!

Kolleeginnen a Kolleegen,

Wann den Här Mischo net wësse sollt wat domat gemengt ass, da soll hien sech bei deem Aarbechtsminister schlau maachen, deen zoustänneg war fir di läscht Upassung vum Kollektivvertragsgesetz am Joer 2004, nämlech beim François Biltgen.

A wann den Här Mischo net versteet, wat Definitioun vun engem Kollektivvertrag ass, da soll hien se noliesen ënner anerem an dem Text vun der Direktive.

A wann hien deen net verstoe soll, da kann hien dee Member vun der europäescher Kommissioun froen, deen am Joer 2022 zoustänneg war fir hier Ausschaffung, nämlech den Nicolas Schmit, dee bekanntlech jo och Aarbechtsminister hei zu Lëtzebuerg war.

A wat d'Gewunnechten an d'Geschicht vum Sozialdialog hei zu Lëtzebuerg uginn, da kéint hien villäicht mat engem aneren Ex-Aarbechtsminister Kontakt ophuelen, dem Jean-Claude Juncker.

Hei geet et net méi einfach ëm d'Fro, ob den Aarbechtsminister kompetent oder inkompetent ass.

Oder ob hie just dat bewossten oder dat naiv Sproochrouer vun den Zuflüsterer Reckinger a Konsorten ass.

Nee, dofir ass d'kollektiv gewerkschaftlech Verhandlung vun den Interessen vum Salariat vill ze vill wichteg an demokratesch fundamental.

Hei ass eng ganz Regierung an domat an éischter Linn de Premierminister an der Verantwortung.

Scho laang hätt de Georges Mischo a senger salariatsfeindlecher Approche vun hinne gebremst misse ginn!

Si hunn et bis elo net gemaach!

Ech wëll am Numm vun der Gewerkschaftsbeweegung hei zu Lëtzebuerg, am Numm vum OGBL a vum LCGB, am Numm vun all eise Memberen, Militanten a Personaldelegéierten haut den Owend eppes ganz kloer soen a festhalen:

Mir sinn haut hei net nëmmen hei fir déi abstrus, ondemokratesch a réckschrëttlech Attack unzekloen an ofzewieren.

Domat geet et net duer. Mir sinn hei fir dat vun der Regierung gesetzlech ze fuerderen, wat elo zënter Joren längst fälleg ass.

Nämlech eng Reform vum Kollektivvertragsgesetz déi eis gewerkschaftlech Vertragsfäegkeet erëm stäerkt, déi Demokratie am Betribsliewen erëm stäerkt.

Eng Reform an der d'Gewerkschaften hier onverzichtbar Roll behalen – déi vum Verhandlungspartner, vum Affekot, vun der Stëmm vun de Beschäftegten, an déi vum Garant fir eng méi gerecht Aarbechtswelt.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Wann een wëll ofséchere, dass de reale Loun sech mat der Wirtschaftsleeschtung entwéckelt.

A se net exklusiv an den Täsche vun Aktionären a Betribsbesëtzer verschwënnt, da brauch een och e staarkt Kollektivvertragswiesen. An da brauch een och méi Kollektivverträg.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Den OGBL an den LCGB fuerdere méi sektoriell Kollektivverträg.

Mir brauchen eng gesetzlech Verpflichtung zu sektorielle Kollektivverträg.

Dat ass eng wichteg Fuerderung, déi eis gesamt Aarbechtswelt vun haut beträfft. Mä net nëmmen déi vun haut. Et geet och em d'Zukunft vun Honnertdausenden Salariéen an de Secteure vum Handel, vum Horesca, vun den Déngschtleeschtungen, a villen méi.

An dat geet. Mir soen och wéi. Patronat zu Lëtzebuerg muss gewise kréien datt et noutwendeg ass Kollektivverträg ze hunn.

Si jäizen no méi Leit quasi an alle Secteuren.

Ma hei ass en Deel vun der Léisung: gerecht Léin an Aarbechtsbedingungen via méi Kollektivverträg.

Duerfir missten och Staat a Gemengen wann se ëffentlech Ausschreiwunge maachen, nëmmen dierfe Betriber huelen wou et e Kollektivvertrag gëtt.

Duerfir missten och déi sëllegen „aides aux entreprises », all déi Honnerten Hëllefen déi mat eise Steiergelder bezuelt ginn, gekoppelt sinn un d'Bedingung datt d'Entreprise e Kollektivvertrag huet.

Duerfir brauche mir e Mentalitéitswiessel beim Staat a Patronat. Kollektivverträg fërderen an net fäerten.

Duerfir suergen dass d'Betriber vu sech aus Interêt hunn e Kollektivvertrag ze hunn.

An och eist Streikrecht muss gestäerkt ginn. Mir mussen och d'Recht kréien Warnstreiken ze maachen, Kolleeginnen a Kolleegen.

Et ass elo un der Zäit dass mir als Gesellschaft eng kloer Sproch schwätzen.

Well d'Kollektivverträg den eenzege Wee zu méi Gerechtegkeet an och zu méi Sécherheet um Aarbechtsmaart sinn.

Si verhënnere Loundumping a prekär Aarbechtsverhältnisser.

Kollektivverträg déi gutt, fair an transparent sinn, kënnen och eng Ekonomie no fir bréngen. An eben net nëmme fir déi Superräich, mä virun allem fir déi di d'Aarbecht leeschten. Déi di d'Ekonomie sinn.

Kolleeginnena Kolleegen,

Mir si frou haut staark gewerkschaftlech Organisatiounen ze sinn, déi zesummen hei stinn fir d'Interesse vun de Leit ze verteidegen.

D'Zäiten déi elo op eis zoukommen, wäerte keng einfach ginn. Mir sinn eis dat bewosst.

Mä mir si prett. Fir dowidder ze goen wann et néideg ass. Dorunner soll keen zweifelen. A wann et muss sinn bis an de Generalstreik.

Kolleeginnen a Kolleegen,

A mir all zesummen kënnen eis och der do Erausfuerderung stellen. Am Interesse vun alle schaffende Leit, Rentner an hire Familien.

Merci fir är Opmierksamkeet. A virun allem merci fir ären onermiddlechen Asaz. Zesumme si mir staark. An zesumme gi mir wäit.

Vive d'Solidaritéit.